LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 5 mai 2020

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:01, 06/05/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question urgente n° 2122 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question urgente posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2122 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

De Regierungsrot huet de 15. Abrëll 2020 d'Mesuren, mat deenen de Deconfinement an d'Weeër geleet gëtt, decidéiert an dee Moment och nach eng Kéier ënnerstrach, datt besonnesch déi vulnerabel Persoune misste protegéiert ginn.

Fir een optimalen Oflaf vun der Reprise vun de Coursen an de Lëtzebuerger Grondschoulen ze assuréieren, d'Ëmsetzung vum Enseignement en alternance sécherzestellen a prioritär d'Membere vun der Schoulcommunautéit ze schützen, goufen a ginn aktuell vu Säite vun den zoustännege Servicer geziilt Informatioune bei den eenzelne Membere vun der Schoulcommunautéit gefrot.

De Ministère vun der Fonction Publique huet den 18. Abrëll 2020 de Service Ressources humaines vu mengem Ministère doriwwer a Kenntnis gesat, datt ee Recensement vun den Agenten, déi als vulnerabel ze consideréiere sinn, misst virgeholl ginn. De Service RH huet doropshin dës Informatiounen den Dag drop un all d'Servicer aus mengem Ministère weidergeleet.

No Récksprooch mam Gesondheetsministère huet den zoustännege Service aus mengem Ministère den Direktere vun de Regionaldirektiounen den 21. Abrëll 2020 matgedeelt, datt vun dësen eng Enquête fir d'Ermëttele vun den Enseignanten an dem sozio-edukative Personal, déi als vulnerabel Persoun ze consideréiere sinn, misst gemaach ginn an dobäi goufen déi eenzel Informatiounen, déi fir d'Ëmsetze vum Recensement vun de concernéierten Agenten néideg waren, präziséiert. D'Direkteren hunn duerno zesumme mam Centre de Gestion informatique de l'Éducation (CGIE) een Onlineformulaire ausgeschafft, fir d'Enquête am Respekt vun den Dateschutzbestëmmungen duerchzeféieren.

Ech ënnersträichen hei déi virbildlech Zesummenaarbecht vun den involvéierte Ministèren a Servicer, déi dank der gudder Koordinatioun fir ee séiert Ermëttele vun den Agenten, déi als vulnerabel ze bezeechne sinn, gesuergt hunn.

**Ad 2+3)**

An engem Schreiwes, dat den Agenten, déi an de Lëtzebuerger Grondschoulen intervenéieren, informatesch zougeschéckt gouf, goufen dës opgefuedert, bis den 1. Mee 2020 een Onlineformulaire auszefëllen, fir esou an engem éischte Schrëtt déi Persounen ze ermëttelen, déi als vulnerabel ze consideréiere sinn. Am Kader vun dësem Onlineformulaire hu missten eenzel Donnéeë saiséiert ginn, mat deenen den Agent bei der Auswäertung konnt identifizéiert ginn an duerno hu si eng Rei vu Froe misse beäntweren, bei deenen d'Äntwert an der Reegel huet missen aus méi Proposen ugewielt ginn. Den Opwand fir d'Ausfëlle vum Formulaire gouf als geréng a wéineg zäitopwändeg ageschat.

D'Agenten hu missen uginn, ob schonn en Zertifikat vun engem Dokter géing virleien, dee beleet, datt si als vulnerabel Persoun gëllen, mä natierlech muss dësen eréischt an enger zweeter Etappe bis spéitstens de 25. Mee 2020 eragereecht ginn. Esou ass séchergestallt, datt d'Enseignanten an dat sozio-edukatiivt Personal eventuell bei hiren Dokteren e Rendez-vous kënnen huelen, fir een entspriechende Certificat médical ausgestallt ze kréien.